LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 NOV. 2016

Luxembourg, le 24 novembre 2016

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de l'Economie à la question parlementaire n° 2507 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

Äntwert vum Ausseminister op d'parlamentaresch Ufro N°2507
vum 26. Oktober 2016 vum Députéierte Fernand Kartheiser

1. D'EU huet am Joer 2015 fir 35 Milliarden Euro Wueren a Kanada exportéiert an déi europäesch Importer hunn sech op 28 Milliarden Euro importéiert. Doniewent huet d'EU fir 16,5 Milliarden Servicer a Kanada exportéiert a fir 11 Milliarden Euro kanadesch Servicer importéiert (Zuelen fir 2014). Bei den Importer vu Wueren, sinn Däitschland, Groussbritannien, Italien a Frankräich déi wichtegst europäesch Handelspartner vu Kanada a bei den Importer vu Servicer sinn et Groussbritannien, Frankräich, Däitschland an Holland. D'Haaptexporter aus Europa sinn Autoen, Pharmaproduien a Wierkmaschinnen. Aus lëtzebuerger Siicht sinn et virun allem Metallwueren, Wierkmaschinen an Instrumenter, déi a Kanada verkaf ginn. Insgesamt huet Lëtzebuerg 2015 esou fir ronn 100 Milliounen Euro Wueren a Kanada exportéiert.

2. Tatsächlech geet d'Europäesch Kommissioun dovunner aus, datt duerch CETA den Handelsvolume tëschent der EU a Kanada ëm ronn 23% géif klammen, verdeelt op déi 28 EU-Länner. Déi europäesch Kommissioun huet dozou am Virfeld vun de CETA-Verhandlungen eng Etüde an Optrag ginn an och nach eng Etüde d'impact während de Verhandlungen presentéiert. Doniewent hunn och privat Wirtschaftsinstituter entspriechend Etüden duerch gefouert. Dës Etüden weisen, datt Lëtzebuerg zu deene Memberstaaten gehéiert, déi iwwerduerchschnëttlech duerch CETA géife profitéieren. Allgemeng hänken d'Resultater vun dësen oder ähnlechen Etüden vun deem ekonomesche Rechemodell of, dee benotzt gëtt, fir déi méiglech Effeten ze prognostizéieren. Et ass och kloer, datt esou e Modell d'Realitéit net komplett erfaassen kann an et doduerch tatsächlech zu Ofwäichungen vu de Prognosen kann kommen.

3. Dës Fro stellt sech an deem Sënn net méi, well de CETA de 29. Oktober ënnerschriwwe gouf.

4. Den Undeel vu Groussbritannien um Handelsvolume Kanada-EU louch 2015 bei 27%.